St. Willibrord
Äischdall-
Helpert

Parbréif

fir d'Par St. Willibrord Äischdall-Helpert

Wochen vum 12. Februar bis den 25. Märerz 2018

N° 2/18 – Jg 1

▼ Krokus Knospen im Schnee © SusaZoom / Fotolia - JUNKER VERLAG GmbH, Rheinau - www.junkerkirchenbedarf.de

St. Willibrord
Äischdall-Helpert

Pastoralteam / Equipe pastorale:

Abbé Joël Santer, Paschtouer / Curé
Paschtoueschhaus / Presbytère: 61, route d'Arlon L-7415 Brouch (Mersch)
Tel.: 26 61 04 03 / Fax: 26 61 09 03 / Email: joel.santer@cathol.lu
Permanence: all Méindes vun 10.00 – 11.30 Auer (ausser Schoulvakanz)
chaque lundi de 10.00 – 11.30 heures (sauf vacances scolaires)

Père Nico Turmes scj, Subsidiar / Subsidiaire
Couvent Clairefontaine, L-8465 EISCHEN
Tel.: (0032) 63 240199 / Fax: (0032) 63 240183 / Email: nicoturmes@skynet.be

Abbé Jacques Bruns, Diakon / Diacre
23, rue de Luxembourg L-7480 Tuntange
Tel.: 26 61 37 97 / Email: jacques.bruns@cathol.lu

Abbé Joseph Halsdorf, Diakon / Diacre
19, an Urbech L-7418 Buschdorf
Email: jos.halsdorf@cathol.lu

Huguette Muller-Kirsch, Member vun der Pastoralequipe / Membre de l'équipe pastorale
62, rue Ch.-F. Mersch L-7790 Bissen
Tel.: 621 180 206 / Fax: 26 88 50 20 / Email: huguette.muller@cathol.lu

Parsekretariat / Secrétariat paroissial

6, route de Mersch L-7780 Bissen
Tel.: 83 50 03-495 - Fax: 26 88 74 98 - Email: aischdall-helpert@cathol.lu
Chantal Lotzkes, Sekretärin / Secrétaire
Öffnungszäiten: Méindes, Dënschdes, Mëttwochs a Freides vun 8 – 12 Auer
All Donneschdeg (ausser den éischten Donneschdeg am Mount) vun 8 – 12 Auer

Büro Äischen / Bureau à Eischen

28, rue de l'École (ancien presbytère) L-8466 Eischen Tel.: 26 10 87 69
Öffnungszäiten: all éischten Donneschdeg am Mount vun 8 – 12 Auer

Redaktiounsschluss fir de nächte Parbréif: **9. Mäerz 2018**
De nächste Parbréif N° 3/18 geet vum 26. Mäerz bis den 13. Mee 2018

Et war eemol eng Kéier viru laanger Zäit...

D'Leit hunn zimlech einfach gelieft. Si haten net vill, ausser engem déiwe glawen, deen hinne gehollef huet, fir zefridden a gutt duech d'Liewen ze kommen. Deem Béisen ass daat guer net gaang. Virun allem, datt d'Leit sou gleeweg waren. Dofir huet et eng grouss Konferenz aberuff, op däer et sot:

„Mir kënnen d'Mënschen net dovun ofhalen an d'Kierch ze goen, an der bibel ze liesen oder ze bieden. Eng déif Relatioun zum Härgott awer léisst et net zou, datt mir si am Grëff hunn. Do musse mer eppes änneren. Ech hunn well eng Strategie entwéckelt. Als éischt lenke mer d'Gedanke vun de Mënschen op dat materiellt, sou datt se ëmmer méi besëtze wëllen an ëmmer méi akafe ginn. Fir sech dat alles leeschten ze kënnen, mussen se dann als Koppelen iergendwann zu zwee vu moies bis owes schaffe goen. Dat ass gutt. Dann hunn se manner Zàit fir sech a fir d'Kanner. Soubal d'Familljen ausernee gebrach sinn, hunn d'Mënschen e wichtegen Halt am Liewe verluer.

Dono stoppe mer se voll mat Aktivitéiten, - och de Weekend iwwer, fir datt se méindes scho midd sinn, wann se erëm schaffe ginn. An da brénge mer se dozou, datt bäi hinnen doheem stänneg de Fernseh an de Computer lafen. Virun allem Biller a Programmer mat Gewalt a mat moralesch zweifelhaftem Inhalt sollen se kucken. D'Leit sollen andauernd Musek lauschteren – an all Geschäft, am Restaurant, am Bus, am Auto, jo souguer op der Toilette a wann se zu Fouss ënnerwee sinn. Dat wäert hier Gedanken an hiere Geescht blockieren. Sou brénge mer se dozou, datt se net mi vill nodenken. Besonnesch net iwwer de Sënn vun deem Ganzen. Domat gi se lues a lues iwwerflächlech.

D'Mënschen sollen och nët méi eraus an d'Natur goën. Net datt se op eemol nach erkennen, wéi schéin d'Natur ass. A wann se sech emol gesi fir sech auszetauschen oder fir sech ze engagéieren, da loosse mer se iwwer anerer hierfalen an se beshcäissen, sou datt d'Leit sech ëmmer méi zréck zéien an een deem anere mësstraut. Dat alles misst duergoen, fir datt mer d'Mënschen erëm op eis Säit kréien an d'Welt an der Hand hunn."

No dëser Ried huet dat Béist sech un d'Aarbecht gemaach a probéiert d'Mënschen an deem Sënn ze beaflossen.

Iergendwéi huet déi Geschicht mech beréiert, wéi ech se eng éischte Kéier gelies hunn. Si spigelt nämlech d'Liewen zréck, wéi vill Leit et ahut féieren, - e Liewen, dat ee lues a lues net nëmme vum Härgott, mä och vum Sënn vum Liewen ewech féiert.

Mir hunn äis mëttlerweil ugewinnt, an engem Rhythmus ënnerwee ze sinn, deen net méi normal ass. An dat schlëmmst ass: deene meeschte fällt et mol guer net méi op. Heiansdo mierkt een zwar, datt engem „Eppes“ feelt, daat et am Liewen nach méi muss ginn. Mä mir wëssen net, wat mer ännere sollen.

Kéier ëm! D’Faaschtenzäit wëllt äis wakereg a virwëtzeg maachen, fir dat Wesentlecht vun eisem Liewen nei ze entdecken: dat wat äis dréit, wat eisem Liewen Halt a Fundament gëtt, wat äis hoffen an dreemen deet, wat äis déi wierklech an déif Freed schenkt. Schlussendlech näischt anescht wéi dat, wat mir Chrëschte Gott nennen.

Et war emol eng Kéier viru laanger Zäit… hoffentlech net och bei äis.

An deem Sënn: eng gudd a sënnvoll Faaschtenzäit!

Äre Paschtouer

Joël Santer

E bësschen Zäit fir den Härgott ?

D'Faaschtenzäit ass erëm do, eng geseenten Zäit fir neess zou eis ze fannen, fir eis op dat wierklech Weesentlecht ze konzentréieren an den Härgott erëm an d' Mëtt vun eisem Liewen ze bréngen. - Kommt mir huelen eis e bësschen Zäit fir Hien ze begéinen, Zäit fir op Hien ze lauschteren a mat Him ze schwätzen.

Mir maachen dat an der Faschtenzäit an dräi Rencontren, geleet vum Diakon Jos Halsdorf, all Kéiers um 19.30 Auer:

Dënschdes, den 20. Februar (Parsall)	d'Versuchung	Äischen
Mëttwochs, de 7. Märerz bleu)	d'Sënd	Bruch (Salon
Dënschdes, den 20. Märerz (Parsall)	d'Versöhnung	Biissen

Den Härgott ass do fir eis a seet : « Kommt bei mech vu ganzem Häerz. » Loosse mer Hien nët waarden !

Gottesdéngschtuerdnung

fir d'Wochen vum 12. Februar bis den 25. Mäerz 2018

Méindeg, 12.02.18

20:00 ***Äischen:*** *Generalversammlung vun der Oeuvres paroissiales am Parsall!*

Dënschdeg, 13.02.18

17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied.

18:00 **Habscht:** Mass op Meenung (P27).

19:30 ***Bruch:*** *Versammlung vum Aarbechtsgrupp „Fester" am Salon bleu.*

Mëttwoch, 14.02.18 **Ufank vun der éischterlecher Bousszäit (Faaschtenzäit)**

Äschermëttwoch

Faascht- an Abstinenzdag

Hl. Bëschof Valentin (+ ëm 268), Niewepatréiner vun der Kierch vu Béiwen/Atert

17:00 **Biissen:** Wuertgottesdéngscht fir d'Kanner mat Ausdeelen vum Äschekräiz.

19:00 **Bruch: Gemeinschaftsmass zum Ufank vun der Faaschtenzäit** mat Ausdeelen vum Äschekräiz, als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Sauer, Majerus, Wolff a Koenig.

➔ Häerzlech Invitatioun un all Chrëschten aus den Dierfer aus eiser Par, fir zesummen dës wichteg Zäit vun der Ëmkéier, vum Neifunak a vun der Virbereedung op Ouschteren unzefänken! Et ass wichteg, dass mer zesummen een Neiufank woën!

Fastenzeit wird in der Westkirche der vierzigtägige Zeitraum des Fastens und Betens zur Vorbereitung auf das Hochfest Ostern bezeichnet. In den reformatorischen Kirchen ist der Begriff „Passionszeit“ gebräuchlich, der der Fastenzeit unbekannt. In der römisch-katholischen Kirche wird seit dem Zweiten Vatikanischen Konzil auch die Bezeichnung „österliche Bußzeit“ verwendet. Die orthodoxen Kirchen nennen sie die *heilige und große Fastenzeit*, kennen daneben aber noch drei weitere längere Fastenzeiten. Die lateinische Bezeichnung ist **Quadragesima**.

Biblischer Hintergrund für die Festsetzung der Fastenzeit auf 40 Tage und Nächte ist das ebenfalls 40-tägige Fasten Jesu in der Wüste (Mt 4,2). Die Zahl 40 erinnert aber auch an die 40 Tage der Sintflut (Gen 7,4–6), an die 40 Jahre, die das Volk Israel durch die Wüste zog (Ex 16,35), an die 40 Tage, die Mose auf dem Berg Sinai in der Gegenwart Gottes verbrachte (Ex 24,18), und an die Frist von 40 Tagen, die der Prophet Jona der Stadt Ninive verkündete, die durch ein Fasten und Büßen Gott bewegte, den Untergang von ihr abzuwenden (Jona 3,4).

Die vierzigtägige Fastenzeit der römisch-katholischen Kirche ist als „österliche Bußzeit“ bestimmt und „dient der Vorbereitung auf die Feier des Todes und der Auferstehung Christi. Katechumenen und Gläubige bereitet die Liturgie der vierzig Tage zur Feier des Ostergeheimnisses; die einen durch die verschiedenen Stufen der Aufnahme in die Kirche, die anderen durch Taufgedächtnis und tätige Buße“. „Die Fastenzeit dauert von Aschermittwoch bis zum Beginn der Messe vom letzten Abendmahl am Gründonnerstag.“ Ab Karfreitag bis zur Osternachtfeier schließt sich das Osterfasten an, als Trauerfasten zum Gedächtnis der Passion und der Grabesruhe Christi und zur Vorbereitung der Taufe oder Erneuerung der Taufversprechen in der Osternacht. Die Fastenzeit gilt als geschlossene oder „gebundene“ Zeit.

Die Anforderungen der katholischen Kirche an die Fastenpraxis sind detailliert in der apostolischen Konstitution *Paenitemini* Papst Pauls VI. aus dem Jahr 1966 geregelt. Neben der Beachtung besonderer Speisegebote werden auch andere Formen der Askese und Buße empfohlen. Die Gläubigen sind angehalten, das Gebet intensiver zu pflegen und vermehrt an Gottesdiensten und Andachten (etwa der Kreuzwegandacht) teilzunehmen. Ebenso sollen sie mehr Werke der Nächstenliebe verrichten und Almosen geben. Ein solches Bußwerk wird, wie auch eine spürbare finanzielle Spende, die in der Fastenzeit gegeben wird, *Fastenopfer* genannt.

An den Fastensonntagen und Hochfesten, die in die Fastenzeit fallen (etwa dem Josefstag oder an Mariä Verkündigung) wird nicht gefastet.

Viele katholische Pfarrgemeinden kennen die Tradition des „Fastenessens“. Unter diesem Begriff versteht man ein Solidaritätsessen zugunsten von Projekten in der Dritten Welt, für die auf den üblichen Sonntagsbraten verzichtet wird. Stattdessen wird oft ein einfacher Eintopf oder ein für das Projektland typisches Gericht verkauft oder gegen eine Spende gereicht.

Die sechs Sonntage der Fastenzeit werden nach den Anfängen der liturgischen Messfeiern benannt, den lateinischen Antiphonen zum Introitus bzw. nach dem Ritus der Palmweihe am Palmsonntag (Palmarum).

In der Liturgie der Fastenzeit wird kein Halleluja gesungen, das Gloria nur an Hochfesten. Nach dem Gloria der Messe vom letzten Abendmahl am Gründonnerstag bis zum Gloria in der Osternacht werden keine Glocken geläutet, sondern stattdessen Ratschen verwendet. Auch die Orgel schweigt traditionell während des folgenden Triduum Sacrum. Ebenso gibt es bis auf den Sonntag Laetare in der Fastenzeit keinen Blumenschmuck in der Kirche.

Ab dem 5. Sonntag der Fastenzeit („Passionssonntag“) werden Kreuze und Standbilder durch violette Tücher verhüllt. Die Retabel von Triptychen und Flügelaltären sind in der Fastenzeit häufig zugeklappt und zeigen die einfacher gestaltete Rückseite der Flügel. Teilweise verhüllen Fastentücher den ganzen Chorraum

Donneschdeg, 15.02.18

20:00 ***Bëschdref:*** *Generalversammulng vun der Bëschdrefer Chorale an der Scheier.*

Freideg, 16.02.18

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M).

➔ Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung bis 10 Auer!

17:30 **Äischen:** Rousekranzgebied.

18:00 **Äischen:** Mass op Meenung (P28).

18:30 **Biissen:** Kräizweeandacht an der Faaschtenzäit.

1. Sonndeg an der Faaschtenzäit B

„Invocabit" – *Buergssonndeg*

Niewepatronatsfest vum hellege Välten zu Béiwen/Atert

Samschdeg, 17.02.18

17:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet an der Faaschtezäit.

17:30 **Biissen:** Meditativ Aféierung an den 1. Faaschtesonndeg.

18:00 **Äischen:** Virowendmass fir d'Verstuerwen vun der Famill Ney-Bernard.

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 5. Wochemass fir Régine Back-Dasbourg / fir Charel an Anne Howald-Lorang a fir Irène Howald / fir Jean Klos a fir d'Verstuerwen vun de Familljen Klos-Schintgen a Kohl-Schmit / fir Laurindo Menezes / fir Marechen Wantz-Bodé.

Sonndeg, 18.02.18

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Joermass fir Adrian Woning.

09:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Théo Hansen / fir déi Liewend a Verstuerwen vun der Famill Ries-Kremer.

11:00 **Béiwen:** Festmass zur Éier vum hellege Välten mat Kënnbakeseegnung, als 2. Joermass fir Elise Schaus-Parries an als 6. Joermass fir Léon Schaus / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Pierret-Kerschen, Scholtus-Pierret an Hommel-Pierret.

→ Dës Mass gët gesongen vun der „Chorale Ste-Cécile" vun Dikrech!

16:00 **Wecker:** Daffeier fir Liz Kanstein.

Kollekt fir eis Kierchen!

Méindeg, 19.02.18

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (P29).

18:00 ***Bruch:*** *Versammlung vum Kiercherot Téinten am „Salon bleu“.*

18:15 ***Bruch:*** *Versammlung vum Kiercherot Bëschdref am „Salon bleu“.*

18:30 ***Bruch:*** *Versammlung vum Kiercherot Béiwen/Atert am „Salon bleu“.*

Dënschdeg, 20.02.18 340. Joresdag vun der Erwiehlung vu Maria, der Tréischterin am Leed, zur Landespatréinesch

09:00 **Biissen:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Müllesch-Kirschten.

09:30 ***Biissen:*** *Versammlung vun der Pastoralequipe am Parsall.*

19:30 ***Äischen:*** *„E bësschen Zäit fir den Härgott?“ – Gespréichsowend iwwert Thema „d'Versuchung“ am Parsall.*

Mëttwoch, 21.02.18 (Hl. Petrus Damiani, + 1072)

09:00 **Gräisch:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Schiltz-Altmann.

Donneschdeg, 22.02.18

19:30 ***Biissen:*** *Versammlung vun der Éischtkommiounsequipe am Parsall.*

20:00 ***Biissen:*** *Generalversammlung vun der „Chorale Ste-Cécile“ am Prouwsall vum Veräinshaus.*

Freideg, 23.02.18 **Hellege Bëschof Celsus vun Tréier**

Patréiner vun der Kapell vu Bur

Niewepatréiner vun der Parkierch vu Bruch

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vum hellegen Celsus, op Meenung (P30).

➔ Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung bis 10 Auer.

16:00 **Béiwen:** Kräizweeandacht an der Faaschtenzäit.

17:30 **Äischen:** Rousekranzgebied.

18:00 **Äischen:** Mass op Meenung (P31).

18:30 **Bruch:** Andacht zur Éier vum hellege Matthias.

Samschdeg, 24.02.18 **Fest vum hellegen Apostel Matthias**

Haaptpatréiner vun der Parkierch vu Bruch

Niewepatréiner vun der Kierch vun Äischen

09:00 ***Bruch:*** *Véierte Virbereedungsdag fir sämtlech Kommiounskanner aus de Gemengen Biissen, Helperknapp a Sëll, am fréiere Festsall vun der Schoul (bis 16 Auer).*

09:30 **Bruch:** Festmass zur Éier vum hellege Matthias, fir all Frënn a Wohltäter vun eiser Parkierch.

11:30 **Bruch:** Daffeier fir Adrien Pinto Ribeiro.

2. Sonndeg an der Faaschtenzäit B

„Reminiscere" – *Bounesonndeg*

Niewepatronatsfest vum hellege Matthias zu Äischen (Kleng Kiermes)

Bietdag zu Biissen

Samschdeg, 24.02.18

16:00 **Biissen:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

17:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet an der Faaschtezäit.

17:30 **Biissen:** Meditativ Aféierung an den 2. Faaschtesonndeg.

18:00 **Äischen:** Virowendmass zur Éier vum hellege Matthias, als 6. Wochemass fir François Schockweiler / fir Mathias Nilles / fir Maria Thibor-Johann.

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Régine Back-Dasbourg / fir Verstuerwen vun der Famill Ledesch.

→ Uschléissend: Kuerz Eucharistesch Ubiedung bei Geleeënheet vum Bietdag!

Sonndeg, 25.02.18

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Joermass fir Jean Disson.

09:30 **Sëll:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir d'Verstuerwen vun de Familjen Victor-Eiffes a Glesener-Petry / Stëftung fir d'Wohltäter vun der fréierer Par Sëll.

11:00 **Béiwen:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Famillen Welter-Muller, Colbach, Loos, Kahn a Wohltäter.

→ Dës Mass gët gesongen vun der „Chorale réunie Berdorf-Consdorf".

Kollekt fir d'Flüchtlingshëllef vun der Caritas!

Méindeg, 26.02.18

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (P32).

Dënschdeg, 27.02.18

09:00 **Biissen:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Kremer-Eykenboom.

17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied.

18:00 **Habscht:** Mass op Meenung (P33).

19:30 ***Bruch:*** *Versammlung vun de Kiercherotspresidenten aus eiser Par am Salon bleu.*

Mëttwoch, 28.02.18

08:30 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (P34), zesummen mat engem Virbereedungsgrupp, deen en „Marche pour les mères" virbereed.

Donneschdeg, 01.03.18 Hl. Albinus (ëm 554)

Niewepatréiner vun der Parkierch vu Bruch

Haut huet eis Sekretärin vun 8 – 12 Auer Permanence am Parbüro zu Äischen!

Freideg, 02.03.18 Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)



09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz Jesu, als Stëftung fir Joseph Beckerich.

➔ Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung bis 10 Auer!

17:30 **Clairefontaine:** Eucharistesch Ubiedung.

18:30 **Sëll:** Kräizweeandacht an der Faaschtenzäit.

Samschdeg, 03.03.18

15:30 **Simmer:** Daffeier fir Fox.

16:00 **Biissen:** Daffeier fir Fynia Marx.

3. Sonndeg an der Faaschtenzäit B

„Oculi" – *Krounesonndeg*

Samschdeg, 03.03.18

17:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet an der Faaschtezäit.

17:30 **Biissen:** Meditativ Aféierung an den 3. Faaschtesonndeg.

18:00 **Äischen:** Virowendmass fir d'Verstuerwen vun der Famill Ney-Bernard.

→ Während der Mass: Daffeier fir Alex Achen.

18:00 **Biissen:** Virowendmass als Houmass op Meenung fir d'Par / 1. Joermass fir Jean Klos.

Sonndeg, 04.03.18

09:00 **Habscht:** Radiosmass, gesonge mat alle Leit, op Meenung (P34).

10:15 **Simmer:** Gemeinschaftsmass als Joermass fir Roger a Suzette Schmit-Simon / fir Anne-Charlotte Noesen / Stëftung fir Wohltäter.

11:15 **Bëschdref:** Gemeinschaftsmass als 1. Joermass fir Alice Lux-Adam / Stëftung fir Anna-Maria Eilenbecker.

Kollekt fir eis Kierchen!

Méindeg, 05.03.18
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (P35).

Dënschdeg, 06.03.18 (Hl. Fridolin vu Säckingen, + 6./7. Jht)
09:00 **Biissen:** Mass als Stëftung fir d'Gesëschter Stiefer.
10:00 ***Miedernach:*** *Dekanatskonferenz (Zesummekommen vun de Pastoralteamer aus deene 7 Paren aus dem Dekanat „Zentrum" am Centre „Les Étangs".*
16:00 ***Béiwen:*** *Verdeelen vun de Kommiouns-Tuniquen um 1. Stack vun der Sakristei.*
17:00 ***Habscht:*** *Kommiounsvirbereedung fir d'Kanner vun Äischen an Habscht.*
18:00 **Habscht:** Kannermass op Meenung (P36).
19:00 ***Biissen:*** *Dafvirbereedungsversammlung am Parsall.*

Mëttwoch, 07.03.18 (Hl. Perpetua an hl. Felizitas, + 203)
09:00 **Huelmes:** Mass als Stëftung fir d'Paschtéier Lesch, Olinger an Thill, fir d'Verstuerwen vun de Familljen Kolbach, Grasser a Stomp (Tu).
16:30 **Ettelbréck :** Konveniatsmass vun de Lourdes-Pilger vu «Voyage Emile Weber».
19:30 ***Bruch:*** *„E bësschen Zäit fir den Härgott?" – Gespréichsowend iwwert Thema „d'Sënd" am Parsall.*

Donneschdeg, 08.03.18 (H. Johannes vu Gott, + 1550)
Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

Freideg, 09.03.18 (H. Bruno vu Querfurt, + 1008/1009)
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung / Stëftung fir Julie an Hilda Koedinger.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung bis 10 Auer!

17:30 **Äischen:** Rousekranzgebied.
18:00 **Äischen:** Mass op Meenung (P37).
18:30 **Simmer:** Kräizweeandacht an der Faaschtenzäit.

Samschdeg, 10.03.18
09:00 ***Clairefontaine:*** *Virbereedungsdag fir d'Kommiounskanner vun Äischen an Habscht (bis 15:30 Auer).*
16:00 ***Biissen:*** *Virbereedungtreffen fir d'Firmlingen am Parsall.*

4. Sonndeg an der Faaschtenzäit B

„Laetare" – *Halleffaaschten (Bratzelsonndeg)*

Samschdeg, 10.03.18
17:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet an der Faaschtezäit.
17:30 **Biissen:** Meditativ Aféierung an den 4. Faaschtesonndeg.
18:00 **Äischen:** Virowendmass op Meenung (P38).
18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (P39).

Sonndeg, 11.03.18
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (P40).
09:30 **Sëll:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir d'Verstuerwen vun der Famill Catel-Didier.
11:00 **Béiwen:** Gemeinschaftsamss als 1. Joermass fir Jean-Pierre Hoffmann / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Pierret-Kerschen, Scholtus-Pierret an Hommel-Pierret / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Schaus, Zeches, Biwer, Muller, Decker, Hendel, Goedert, Eischen, Wagner, Elsen a Wohltäter.
12:00 **Béiwen:** Daffeier fir Julie Schulté.

Kollekt fir eis Kierchen!

Méindeg, 12.03.18
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (P41).
19:30 ***Biissen:*** *Versammlung vum Filialrot Biissen am Parsall.*

Dënschdeg, 13.03.18 5. Joresdag vun der Wahl vum Poopst Franziskus
09:00 **Biissen:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Guil. Feith-Collé.
17:30 **Habscht:** Rousekranzgbied.
18:00 **Habscht:** Mass op Meenung (P42).

Mëttwoch, 14.03.18 (Hl. Mathilde, + 968)
18:00 **Kaalmes:** Kräizweegebied an der Faaschtenzäit.
18:30 **Kaalmes:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Mousel-Pinnel.
19:00 ***Äischen:*** *Versammlung vum Aarbechtsgrupp „Diakonie" am Parsall.*

Donneschdeg, 15.03.18 (Hl. Klemens Maria Hofbauer, + 1820)
19:30 ***Biissen:*** *Versammlung vun der Kommiounvirbereedungsequipe am Parsall.*

Freideg, 16.03.18

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Arsène Braun.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung bis 10 Auer!
17:30 **Äischen:** Rousekranzgebied.
18:00 **Äischen:** Mass op Meenung (P43).
18:30 **Bruch:** Andacht zur Éier vum hellege Jousef.
19:30 ***Bruch:*** *Generalversammlung vun de Massendénger am „Salon bleu".*

Samschdeg, 17.03.18 (Hl. Patrick, + ëm 461); hl. Gertrude vu Nivelles, +659)
09:00 ***Bruch:*** *Fënnefte Virbereedungsdag fir sämtlech Kommiounskanner aus de Gemengen Biissen, Helperknapp a Sëll, am fréiere Festsall vun der Schoul (bis 16 Auer).*

5. Sonndeg an der Faaschtenzäit B

„Judica" – *Ellesonndeg*

Samschdeg, 17.03.18
17:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet an der Faaschtezäit.
17:30 **Biissen:** Meditativ Aféierung an den 5. Faaschtesonndeg.
18:00 **Äischen:** Virowendmass als 3. Joermass fir Luca Hoffmann.
18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Charel an Anne Howald-Lorang a fir Irène Howald / fir Laurindo Menezes / fir Albert a Ketty Raths-Bley a fir d'Verstuerwen vun der Famill Raths-Bley / fir Triny Wendel-Haan.

Sonndeg, 18.03.18
09:00 **Bruch:** Radiosmass, gesongen vun den Éischtkommiounskanner, fir d'Verstuerwen vun der Famill Ries-Kremer.
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (P44).
11:00 **Béiwen:** Houmass op Meenung fir d'Par / Stëftung fir Abbé Pierre Colbach a fir Marie Colbach.

Kollekt fir „partage.lu" Faaschtenaffer!

Méindeg, 19.03.18

Héichfest vum hellege Jousef,

Mann vun der Gottesmamm Maria

Patréiner vun der Kapell vu Schweebech

15:00 **Bruch:** Festmass zur Éier vum hellege Jousef, mat Spendung vum Sakrament vun der Krankesalbung, fir all eeler a krank Matchrëschten aus der Par.

➔ Uschléissend invitéiert eis Krankepastoralequipe an den AG„Diakonie“ op Kaffi a Kuch an d’Koll!

18:30 **Schweebech:** Festmass zur Éier vum hellege Jousef, op Meenung (P45).

Dënschdeg, 20.03.18

09:00 **Biissen:** Mass als Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Mersch.

09:30 ***Biissen:*** *Versammlung vun der Pastoralequipe am Parsall.*

19:30 ***Biissen:*** *„E bësschen Zäit fir den Härgott?“ – Gespréichsowend iwwert Thema „d’Versöhnung“ am Parsall.*

20:00 ***Clairefontaine:*** *Mediatiounsowend fir d’Chrëschten aus den Dierfer vun der Gemeng Habscht. Versöhnung a Verzeihen si Grondprinzipien vun eisem Glaawen.*

Mëttwoch, 21.02.18

09:00 **Simmer:** Mass als Stëftung fir Abbé Aloyse Schmit a Famill, fir d’Verstuerwen vun de Familljen Noesen, Hemes a Wohltäter.

➔ Uschléissend: Beichtgeleeënheet virun Ouschteren!

09:00 ***Bruch:*** *Ouschterbotz an der Parkierch (bis Mëtteg).*

18:30 **Bruch:** Kräizweeandacht a der Faaschtenzäit.

Donneschdeg, 22.02.18

Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

Freideg, 23.03.18 (Hl. Turibio vu Mongrovejo, + 1606)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Feith.

Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung bis 10 Auer!

17:30 **Äischen:** Rousekranzgebied.

18:00 **Äischen:** Mass op Meenung (P46).

18:30 **Gräisch:** Kräizweeandacht an der Faaschtenzäit.

Samschdeg, 24.04.18

16:00 **Bruch:** Hochzäitsfeier fir Dany Krings a Natalja Neumann.

Pällemsonndeg B

Ufank vun der Helleger Woch (Karwoch) 2018

Samschdeg, 24.03.18

18:00 **Äischen:** Pällemseegnung am Paschtoueschgaard, Pällemprëssessioun an d'Kierch a Virowendmass op Meenung (P47).

18:00 **Biissen:** Pällemseegnung virun der Kapell hannert der Sakristei, Pällemprëssessioun mat de Kanner an d'Kierch a Virowendmass fir Léon Georges / fir Marechen Wantz-Bodé / fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch / fir Henri Wagener a fir Yvonne Lutgen-Adler.

Sonndeg, 25.03.18

09:00 **Habscht:** Pällemseegnung a Gemeinschaftsmass op Meenung (P48).

09:30 **Sëll:** Pällemseegnung beim Sprangbuer op der Duerfplaatz, Pällemprëssessioun an d'Kierch an Houmass op Meenung fir d'Par.

11:00 **Bëschdref:** Pällemseegnung an der Kierch a Gemeinschaftsmass fir Frédéric Bâlon a Famill / Stëftung fir Jean-Guillaume Klein.

12:00 **Bëschdref:** Daffeier fir Fabio Beckius.

Kollekt fir eis Kierchen!

→ *Dëse Weekend organiséieren eis Massendénger och hieren „traditionnellen OuschterMaart zu Biissen, Sëll a Bëschdref!*

Aarbechtsgrupp „DIAKONIE“

Zënter November 2017, ass an aiser Par Äischdall-Helpert en neie Grupp flaisseg um schaffen. Dëse Grupp setzt sech aus Fraen a Männer aus aiser neier Par zesummen, a mëcht sech konkret Gedanken zum Themenberaich Diakonie. Waat versti mir elo ënnert dem Thema Diakonie, waat as iwerhaapt ons Tätegkeetsfeld an aiser neier Par:

Wéi versti mir Diakonie?

Diakonie as – **do sin** , wou Mënschen gebraucht gin. Et geet drëms, **Mënschen ze stärken**, G**laawen ze liewen, Hoffnung ze sensibiliséieren, a Léift einfach do ze sin**. Vum grieschechen iwersaat bedeit „diakonein“ – **dëngen**, an **hëllefen**. De Jesus, de Jong vu Gott, dee Mënsch gin as, liewt a schafft diakonesch, hien dëngt de Mënschen. Hien gesait Sie als eemoleg ganzheetlech Persounen mat all hieren Bedürfnisser a Néit. Mënschen déi niedergeschloen sin, encouragéiert hien, Kranker hëlleft hien op d’Been, Mënschen um Rand vun aiser Gesellschaft, Gemeinschaft integréiert hien.

Ais Uleies als Grupp- Diakonie, Äischdall-Helpert as et, esou nom Virbild vu Jesus Christus, Mënschen dierfen no ze stoen a schwieregen Situatiounen, an Sie do wou Sie et wënschen, e Stëck op hierem Liewenswee ze **begleeden** an ze **ënnerstëtzen**. D’Léift vum Härgott zu ons Mënschen as ons grouss Motivatioun. E gudden ëmgang mat Mënschen am Alldag bedeit natierlech vill Empathie (e Gespier a Gefill fir daat waat den vis- à –vis bewegt, bedrëckt) . Nolauschteren kënnen, verständnisvoll kommunizéieren a virun allem **Diskretioun** sin ons enorm wichteg Faktoren, Kriterien.

Dëse Projet bedeit awer och, dat mir Matmënschen aus ënnerschiddlechn Glaawensrichtungen, mat hieren Froen am Rahmen vun onsen Méiglechkeeten begleeden. Et wier schéin, wa mir zesummen , dëst ons wichteg Uleies kinnten als Gemeinschaft , dëse Wee zu enger echter lieweger Par bestärken.

Färt net, sou steet et an der Bibel glaich 365 mol, fir all Dag glaich 1 mol-“ follow me, follow us“- , dëse Motto soll och Iech zur Matarbecht uspriechen. Dir kënnt Iech gären beim Koordinator vum Grupp Diakonie mëllen fir méi Info, respektiv Interessensaustausch,

---

Kontakt: Patrick Schmit - 621261562

Priesterwei a Noprimiz vun eisem Diakon Jacques Bruns

Den 28. Abrëll 2018, um Héichfest vu Maria, der Tréischterin am Leed, Patréinesch vu Stad a Land Lëtzebuerg, wäert de Mgr Jean-Claude Hollerich, Äerzbëschof vu Lëtzebuerg, den Abbé Jacques Bruns, Diakon an der Par Äischdall-Helpert St-Willbirord, an den Abbé Tristan Haecker, Diakon an der Par Miersch St-François, zu Priester weien fir d'Äerzdiözes Lëtzebuerg.

Natierlech freeë mer äis doriwwer, a mer wëllen eisen Diakon op dësem Wee begleeden. Op Christi-Himmelfaahrt, wa mer eist zweet grousst Parfest feieren, wäert den Här Bruns seng Noprimiz an eiser Par feieren. Mir wëllen mat him ee schéinen Dag verbréngen an der Freed doriwwer, dass den Härgott hië geruff huet an.

Als Par wëlle mer deen Dag würdeg feieren, a wëlle mer dem Här Bruns och ee Kado iwwerreechen. Duerfir si mer frou fir all finanzielle Gest an Don op de Kont LU31 1111 2577 0270 0000 „Par Äischdall-Helpert / Massen" mam Vermierk „Priesterweih Jacques Bruns". Mir freeën äis, mat eisem Diakon dëse Wee däerfen ze goën.

Aus eiser Par Äischdall-Helpert St-Willibrord:

- Et besteet dee flotte Brauch, Wunnengen oder Haiser aseenen ze loossen. Mellt Iech duerfir beim Paschtouer (Tel.: 26610403) oder am Parbüro (Tel.: 835003-495).
- Gäre komme mir bei déi Krank heem fir een Hausbesuch, oder och fir d'Krankekommioun, d'Krankesalbung oder d'Krankebeicht. Zéckt nët, bei eise Geeschtlechen oder am Parbüro no engem Rendez-Vous ze froën.
- Bei äis besteet dee schéine Brauch vun de sougenannte „Stëftungsmassen". Fir 400 € verplicht sech de Paschtouer an dee betreffende Kiecherot, während 20 Joer (bei 200 € während 10 Joer) an däer betreffender Kierch all Joers während engem bestëmmte Mount eng Mass fir Är Uleies oder Verstuerwen ze feieren. Dës Verpflichtung gët selbstverständlech och an Zukunft iwwerholl a vun der Kierch garantéiert, d.h. d'Stëftungsmassen ginn och an der Zukunft nach gehaalen!

Aus eisen Dierfer:

- **Béiwen/Atert:**
  - De Männerchouer vu Béiwen/Atert invitéiert och dëst Joer op hier « Kënnbakestee » mat Mëttegieseen am „Centre Lëtschert", den 18. Februar 2018. Um 11 Auer ass d'Mass zu éire vum Hellege Valentin mat Seene vu Gesolptertes an der Kierch zu Béiwen/Atert. Et séngt d' „Chorale Ste-Cécile Dikrich" ënnert der Direktioun vum Raymond Majerus. Ab 11:30 Auer ass Aperitif am Centre „Lëtschert", vun 12:30 bis 14:00 Auer ass

Mëttegiessen. Menü 1: Judd, Gaardebounen a speckgromperen fir 16 €; Menü 2: Paschtéit, Räis an Zalot fir 14 €. Als Dessert: Kaffi, Kuch, Taart. Ab 14:30 Auer ass dann déi bekannte Kënnbake-Stee bei fräiem Entrée. Reservatioune vun äre Plazen nëmmen duerch Iwwerseisung op de neie Raiffeisen Kont vum Männerchouer LU25 0099 7801 3012 6600 mat der Mentioun: Platzen: (...x) Menü1 (...x) Menü 2 (...x). Hu Dir nach Froën? Tel.: 23 63 93 58 (tëscht 18 an 20 Auer).

- **Bruch:**
  - Häerzlech Invitatioun un all Fraën: e Mëttwoch, den 21. Mäerz, ass vun 9 Auer un grouss Ouschterbotz an der Parkierch zu Bruch.

- **Habscht:**
  - D'Fraën a Mammen vunHabscht inivtéieren op hiere Bazar, e Sonndeg, den 18. Mäerz 2018 (5. Faaschtesonndeg) ab 14 Auer an de „Centre polyvalent" zu Habscht.

Das Sakrament der Beichte

Wann sollte ich zur Beichte gehen?

Jeder Mensch erfährt auf seinem Lebensweg, dass er nicht nur Gutes tut, sondern häufig auch seine eigenen Ansprüche verfehlt. Vor Verfehlungen und Unbarmherzigkeiten ist auch ein getaufter Christ nicht geschützt, egal wie hoch er seine eigenen Ansprüche gesetzt hat. Wenn Sie sich also darüber bewusst sind, dass Sie eine schwere Sünde begangen haben, sollten Sie mindestens einmal im Jahr, in jedem Fall aber vor dem Empfang der Heiligen Kommunion zur Beichte gehen. Hier können Sie nicht nur schwere Verfehlungen, sondern auch die kleinen Dinge ansprechen, bei denen Sie vielleicht unbarmherzig anderen oder sich selbst gegenüber gewesen sind.

Was wird mir eigentlich erlassen, wenn ich beichten gehe?

Durch die sündhafte Tat entscheidet sich der Mensch bewusst gegen Gott und stellt sich somit auch gegen seinen Heilsplan. Durch die Beichte wird der Beichtende wieder mit Gott und der Kirche versöhnt und ihm werden seine Sünden vergeben. Auch die sogenannten ewigen Sündenstrafen und die zeitlichen Sündenstrafen können durch die Beichte erlassen werden. Der Beichtende wird so grundlegend mit sich und seiner Umwelt versöhnt und kann aus diesem Geschenk seinem Leben eine neue und bessere Ausrichtung geben.

Ist man nach der Beichte noch für die Folgen seiner Tat verantwortlich?

Ja, man ist auch nach der Beichte noch für die Folgen seiner Tat verantwortlich. Durch die Beichte wird man zwar mit Gott, mit der Kirche und mit seinen Mitmenschen versöhnt, allerdings muss man für begangene Schuld auch weiterhin geradestehen. Das ist beispielsweise der Fall, wenn man eine Straftat verübt hat. Die weltlichen Strafgesetze behalten weiterhin ihre Gültigkeit.

Macht es einen Unterschied, ob ich in einem Beichtstuhl oder in einem Beichtzimmer beichte?

Nein, es macht keinen Unterschied, sondern es kommt vor allem auf Ihre persönlichen Bedürfnisse an. Der Beichtstuhl bietet eine gewisse Anonymität, und manchen Menschen fällt es leichter, über ihre Sünden und Verfehlungen zu sprechen, wenn sie ihrem Gegenüber nicht direkt in die Augen schauen müssen. Andere hingegen möchten ihren Gesprächspartner sehen und schätzen daher die Atmosphäre eines Beichtzimmers. Sie sollten daher überlegen, welche Gesprächssituation Ihnen mehr liegen könnte und in welcher Umgebung Sie ungezwungener über Ihren Glaubens- und Lebensweg sprechen können. Wenn Sie sich unsicher sind, können Sie den Priester auch im Vorfeld ansprechen und Ihn um Rat bitten.

Gibt es Sünden, die in der Beichte nicht erlassen werden können?

Man kann alle Sünden und Verfehlungen beichten, denen man sich bewusst ist. Allerdings gibt es besonders schwere Sünden, die zum Beispiel die Exkommunikation der betreffenden Person nach sich ziehen. Solche Sünden können nicht einfach in der Beichte vergeben werden. Hierzu sind nur der Apostolische Stuhl, der Ortsbischof oder speziell hierfür ermächtigte Priester in der Lage. Lediglich wenn Sie sich in Todesgefahr befinden, kann Sie jeder Priester von jeder Sünde und Exkommunikation lossprechen.

Was ist der Unterschied zwischen der Beichte und einer geistlichen Begleitung?

Beichte und geistliche Begleitung bezeichnen zwei unterschiedliche Formen von seelsorglicher Begleitung. Die Beichte ist eines der sieben Sakramente, bei dem der Beichtende von seinen Sünden losgesprochen wird. Beichten kann jeder katholische Christ bei jedem Priester und in jeder Pfarrei, auch außerhalb der eigenen Heimatgemeinde. Die geistliche Begleitung hingegen ist kein Sakrament, sondern wie der Name schon sagt, die Begleitung eines Menschen durch einen Seelsorger. Hier kann man in regelmäßigen Abständen über seinen Lebens- und Glaubensweg sprechen und lernt sich im Laufe der Zeit immer besser kennen. Ist der geistliche Begleiter ein Priester, kann man mit ihm vereinbaren, dass am Ende jedes Gesprächs die Beichte abgelegt wird. Das hat den Vorteil, dass man die Inhalte des Gesprächs vor Gott bringt und bei Verfehlungen Vergebung erlangen kann. Ein geistlicher Begleiter ist in der Lage, die Stärken und Schwächen seines Gegenübers einzuschätzen und auf Dinge hinzuweisen, die dem Betreffenden vorher vielleicht noch gar nicht bewusst waren.

Sollte ich eher bei einem fremden oder bei einem mir bekannten Priester beichten gehen?

Das können Sie völlig frei entscheiden. Generell können Sie bei jedem Priester in jeder Pfarrei die Beichte ablegen. Das heißt, dass Sie den Priester nicht kennen müssen, um bei ihm die Beichte abzulegen. Häufig kann es aber besser sein, einen Priester zu wählen, der Ihren Lebensweg kennt und daher viel individueller auf Sie eingehen kann. Je kontinuierlicher Sie mit derselben Person über Ihren Lebens- und Glaubensweg sprechen, desto besser lernt er Ihre Stärken und Schwächen kennen und kann Sie auf Dinge hinweisen, die Sie selbst vielleicht noch gar nicht gesehen haben.

Muss ich vor der Taufe beichten gehen, damit ich in die Kirche aufgenommen werden kann?

Nein, denn die Beichte können Sie nur empfangen, wenn Sie bereits getauft sind. Das ist aber kein Problem, denn die Taufe hat von sich aus eine sündenvergebende Wirkung. Das bedeutet, dass Sie durch die Taufe von jeglicher Sünde und Schuld befreit werden. Man spricht in diesem Zusammenhang sogar davon, dass man durch die Taufe ein "neuer Mensch" wird, der völlig befreit vor Gott treten kann.

Muss ich die Verfehlungen auch bereuen, die ich im Beichtgespräch anspreche?

Damit Ihnen in der Beichte Vergebung zugesprochen werden kann, müssen Sie Ihre Fehler und Sünden vorher auch bereuen und den ehrlichen Vorsatz fassen, nach der Beichte nicht mehr zu sündigen. Das ist sozusagen der Beitrag, den ein Christ vor der Beichte leisten muss. Dennoch sollten Sie nicht mit Angst in das Beichtgespräch gehen. Vielmehr können Sie Ihr Hadern mit den eigenen Verfehlungen offen ansprechen und es so zu einem Teil des Beichtgesprächs werden lassen. Häufig wird auch erst während des Gesprächs mit dem Priester deutlich, wo die eigenen Verfehlungen liegen, sodass man gestärkt aus dem Gespräch gehen kann.

Ich habe auf meinem Lebensweg schon viele Fehler begangen. Einige davon sind mir bis heute peinlich. Kann ich einen Priester überhaupt mit so etwas belasten?

Die Beichte ist genau der Ort, wo Sie Ihre Vergangenheit zur Sprache bringen können und offen über Brüche in Ihrem Lebensweg reden können. Für viele Menschen ist das Aussprechen der eigenen Fehler ein wichtiger Schritt, um mit ihnen fertig zu werden und mit sich selbst Frieden zu schließen. Priester sind auf solche Beichtgespräche gut vorbereitet und können mit viel Erfahrung zur Seite stehen.

Was ist das Beichtgeheimnis?

Das Beichtgeheimnis ist eines der schwerwiegendsten Pflichten eines Priesters und darf nicht gebrochen werden. Das Beichtgeheimnis umfasst alle Sünden, die Sie während der Beichte dem Priester anvertrauen. Er ist zum absoluten Stillschweigen verpflichtet und darf sich weder mit anderen Priestern über das Beichtgespräch unterhalten noch weltlichen Gerichten oder der Polizei Auskünfte über das Gespräch erteilen.

D'Massendinger verkafen

Blummenarrangementer

Pällemsamschdeg, de 24. Märerz 2018 zu Biissen
(virun an no der Mass vun 18.00 Auer)

Pällemsonndeg, den 25. Märerz 2018 zu Sëll + Bëschdref
(virun an no de Massen vun 9.30 /11.00 Auer)

oooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooooo

Ouschtereeër:

Grengendonneschden, den 29. Märerz 2018 zu Bruch
an der Kierch – virun an no der Abendmahlsfeier

Karfreiden, de 30. Märerz 2018 zu Sëll
an der Kierch – virun an no der Karfreidenliturgie

Karsamschden, de 31. Märerz 2018 zu Biissen
an der Kierch – virun an no der Ouschternuechtfeier

Ee schéin dekoréiert Nascht mat 6 selwer gefierften Ouschtereeër: 7 €

Wann Dir sécher wëllt sinn, dass Dir och eent kritt, dann huele mir Är Bestellung gär entgéint bis Dénschdes, de 27. Märerz 2018 bei der Mme Huguette Muller-Kirsch: Tel. 621 180 206
e-mail: huguette.muller@pt.lu
(Op Wonsch kritt Dir d'Ouschtereeër och heem bruecht)

... dem Leben einen würdigen Abschluss geben.

Die Art, wie ein Verstorbener zur letzten Ruhe geleitet wird, soll noch einmal die Liebe und Achtung widerspiegeln, die man ihm im Leben entgegengebracht hat.

Es bedarf der Erfahrung, die ihm zeitgemäß-würdige Form zu finden.

Wir können Sie bei einem Trauerfall in allen Fragen sachkundig und diskret beraten und übernehmen für Sie die Erledigung aller unerlässlichen Formalitäten.

POMPES FUNÈBRES
GOERGEN / BOUS
SUCC. GOERGEN FRÈRES
Redange - Steinfort - Feulen - Diekirch

40, Grand-Rue
L-8510 Rédange
tel: 23 62 10 67
fax: 23 62 92 10
GSM: 621 186 530

20, Esplanade
L-9227 Diekirch
tel: 26 87 60 53
fax: 26 87 65 63
GSM: 621 131 672
B.P. 211, L-9203 Diekirch

www.guybous.lu guybous@yahoo.de

cercueils - corbillards - décorations - inhumation - incinération
permanence jour et nuit - formalités - démarches - avis mortuaires

No engem gudden lessen,
eng Drëpp
vum Ledesch vu Biissen

DISTILLERIE AGRICOLE - LIQUORISTE
PIERRE LEDESCH
23, rue des Forges (G.-D. de Luxembourg)
L - 7771 BISSEN
Tél.: 83 50 10 · Fax: 85 95 91
I.B.L.C.: 1135 20-45 · T.V.A.: 1943 0417 013

Schweebecherbréck

Restaurant - Brasserie

L-8561 Pont de Schwebach

Tel : **26 61 07 08** ou **691 328 975**
kops@pt.lu
www.schweebech.lu

A votre disposition pour vos fêtes,
réunions, conférences…

Pompes Funèbres · NILLES - ARENS

SCHEILZ Joel • L - 7713 Welsdorf / Colmar - Berg
L - 9645 Derenbach

Corbillards • Incinération • Formalités & Fleurs

Tél: 83 55 28 / 94 91 13 • Gsm: 621 177 532 • Fax: 85 97 75

Pompes funèbres

WAGNER

45, rue Principale
Reckange/Mersch

-Cercueils

-Mise en bière

-Crémations et Urnes

-Transport national et international

-Toutes formalités et démarches

-Organisation de cérémonies

Tél: 32 92 27

(permanence 24h/24h)

Nós organizamos o repatriamento do defunto à Portugal assim que as formalidades administrativas para o repatriamento.